GEMENG
JONGLËNSTER

Jonglënster, den 22. Mee 2024

# 5. Reunioun – Rapport

**22. Mee 2024 – Veräinsbau Allënster**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch [redacted] un d'Membere vun der Kommissioun
- Begréissungsronn fir [redacted] vum Jugendhaus vum [redacted]

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der Kommissioun ass approbéiert ginn.

## 4) Jugendhaus

- [redacted] vum Lënster Jugendhaus ass bei eis an d'Kommissiounssëtzung komm. Dëst fir eis ee Bild ze ginn iwwert d'Jugendhaus selwer a fir ze kucke wéi mir eventuell

kënnen an d'Zukunft zesumme schaffen an ee gudden Austausch am Interêt vun der Gemeng kënnen hunn. Des weidere si mir och häerzlech op déi offiziell Porte ouverte de 15.Juni invitéiert ginn.

- Esou krute mir och ee Gesamtiwwerbléck iwwert d'Jugendhaus zu Lënster. Ënnert anerem sinn am Duerchschnëtt 40 – 60 Jonker do an Donneschdes a Freides sinn déi bescht besichtegen Deeg. Den Altersduerchschnëtt läit bei 14 – 19 Joer geet awer vun 12 – 25 Joer. Am Ufank hunn si méi de Kader gesat an alles am Viraus geplangt. Dëst huet sech awer mat der Zäit geännert an et gëtt méi „ad hoc" organiséiert, esou fir dem Interessi vun deene Jonke bescht méiglech Rechnung ze droen.
- Et ass hinnen immens wichteg dass déi Jonk sech selwer abréngen, an hier eegen Iddie kënne proposéieren an och verwierklechen.
- Mir wëllen eis hei nach e bessert Bild maachen, ënnert anerem duerch eng Visite, a wieder de Kontakt reegelméisseg oprescht erhalen.

## 5) Nuit du Sport 2024


- D'Nuit du Sport steet ëmmer méi no virun der Dier!
- [redacted] mëscht eng Propositioun vun engem Schichteplang fir d'Kommissioun, dëst fir déi eenzel Tâchen ofzedecken esou dass jiddereen och Fräizäit wäert hunn.
- Um 14 Auer ass RDV fir d'Veräiner an och fir d'Kommissiounsmemberen
- D'Veräiner kréien am Viraus nach eng Mail, dëst als Zort „Récapitulatif" mat nach eemol all de wichtegen Infoen.
- D'Präislëscht déi mir säitens der Gemeng presentéiert hunn, ass analyséiert ginn. Et sinn Ännerunge festgehalen, [redacted] deelt déi der Gemeng mat.
- Mir wäerte probéieren ee LiveStream fir de Fussballsmatch ze organiséieren.

## 6) Projeten – Updates

### a. Lënster Maart – Seefekëschten

- [redacted] an de [redacted] haten de leschten Donneschde Versammlung. Hei waren ënnert anerem 1 Eventmanager vun der Gemeng Bissen, 2 Stéck vum Jugendhaus Bissen an 2 Stéck vum Jugendhaus Déifferdeng. Zu Lënster hu mir Croix-Rouge als Bedreiwer vum Jugendhaus, déi aner Gemengen hunn do anerer.
- Si si motivéiert a wëllen eis hëllefen. Si haten esou fuer d'Iddi fir een „Interkommunalt Rennen" ze maachen. Bissen huet de 22 September hiert Event. Mir sinn déi lescht Gemeng am Kalenner. Esou kéint een zu Lënster dann de Präis fir déi dräi Renne kréien.
- Déifferdeng huet immens vill Sponsoren, ënnert anerem ass RTL dobäi. Si géife kucken eis do mat ze integréieren. Eventuell kann een och ee gemeinsame Flyer ausschaffen.
- D'Gemeng sot si géif sougenannte Kits bestellen. Hei kucke mir nach déi genau Detailer. Déifferdeng huet eng Rëtsch Kitten. Bestellung dauert leider relativ laang. Ee Kitt kascht 450 €. Zesumme kréie mir ee bessere Präis. Et kann een da Gemeng den Auto ofkafen oder ebe fir d'Course selwer lounen.

- [redacted] vu „Gutt Drop“ ass ganz motivéiert fir matzeschaffen. Dëst am Kader vum Adventure@Lënster
- D'Kitte si relativ einfach opzebauen, hei wier et  awer gutt eemol bei esou engem Atelier zu Déifferdeng dobäi ze sinn, fir genau ze wësse wéi et geet fir se selwer ze bauen
- Strooss: Mir wäerten d'Strooss vun der Rue de la Mairie huelen. Dëst hanne startend am Rond-Point (dee ronne Kreesdeel – Hausnr. 12) an da biergof an dann no riets bei de Bäcker Kapp (Hausnr. 7 eran)
- Mir waarden op d'Äntwert vum Schäfferot
- Mir mussen de „Service juridique“ vun der Gemeng froe fir all Ziedelen ofseene loossen, dëst wéinst der Responsabilitéit am Fall vun engem Accident
- [redacted] freet no fir Helmer ze kréien




## b. Jugendgemengerot

- Den Aarbechtsgrupp „Jugendgemengerot“ wäert sech treffen an da gegeebenenfalls Réckmeldung ginn.

## 7) Uleies Veräiner

- Mir wäerten eng grouss Ëmfro lancéiere fir de Bolls bei de Sportsveräiner ze lancéieren. Dës wäert eis hëllefe fir d'Zukunft auszeriichten.
- Mir wäerten nofroe fir eng gemeinsam Emailadresse kënnen ze kréien. Dëst géif et de Veräiner erméiglechen direkt mat ons a Kontakt ze trieden.

## 8) Oppen Diskussioun

- [redacted] huet eng nei Aarbechtsplaz déi leider net méi kompatibel ass mat der Kommissioun. Mir wënschen him nëmmen dat Bescht fir seng Zukunft!

## 9) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 08.06.2024 | 16:00 | Op Fréinen | Nuit du Sport |
| 15.06.2024 | 14:00 | Jugendhaus | Jugendhaus Porte ouverte |
| 18.06.2024 | 19:30 | Giele Sall | 6. Reunion |
| 11.07.2024 | 19:00 | Giele Sall | 7.Reunion + Ofschlossversammlung |

## 10) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | |